


Stackem : D'Bréck vun der Posterie an 1939. D'Belsch Zaldoten hu se sprange gedoen.

# "IN MEMORIAM"

## KALENNER 1994

---

1944-1994


50 JOER DUERNO, MER ERËNNEREN ÄIS !

Ce calendrier comporte des événements qui se sont déroulés au cours de l'année 1944 et récoltés par S. Clesse, entrecoupés de proverbes et dictons météorologiques.

Sur chaque page se trouve une reproduction d'une ancienne carte postale de l'Arelerland. Ces cartes nous ont été prêtées par M.G. Thommes et sélectionnées par S. Clesse.

Ce calendrier a été réalisé et édité par ARELERLAND A SPROOCH, association culturelle pour la défense de la langue et de la culture luxembourgeoise dans l'Arelerland.

ARELER LAND A SPROOCH




# 1994

Arel : D'Gare (vun 1886) gesi vun der Schappecher Bréck an 1909.

# *Januar - Haartmount*

| | | |
|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | **NEIJOOSCHDAG** - Gléckwënsch . D'Kanner kréien e Këndel oder Meckelkuch |
| **Sonndeg** | 2 | ............ 1944-STACKEM : Lokomotiv sabotéiert vum Bänerter Macki am Atelier. |
| Méindeg | 3 | Wéi sech d'Wieder vu Kréschtdag bis Dräikinneksdag |
| Daaschdeg | 4 | verhält sou as et dat ganzt Jor bestellt. |
| Mëttwoch | 5 | ............ 1944-AREL : 1000 000 F geklaut an der Gare des Marchandises |
| Donneschdeg | 6 | **DRÄIKINNEKSDAG** : Wiél vum Bounekinnek a vun der Kinnigin |
| Freideg | 7 | bäim lesse vun engem Äerpankeg |
| Samschdeg | 8 | mat enger wäisser Boun drann. |
| **Sonndeg** | 9 | ............ 1944-STACKEM : Neie Paschtouer : Emil ASSA vu Kayl. |
| Méindeg | 10 | Op Dräikinneksdag gin d'Deg een Hunnekräsch méi laang. |
| Daaschdeg | 11 | Wann d'Kaz am Januar |
| Mëttwoch | 12 | an der Sonn läit, |
| Donneschdeg | 13 | da läit si am Februar |
| Freideg | 14 | hannert dem Uewen. |
| Samschdeg | 15 | ............ 1944-LËSCHER : Hausbrand bäi engem Bauer. |
| **Sonndeg** | 16 | ............ 1944-ARELERLAND : D'Haaschte gin iwerall geplënnert |
| Méindeg | 17 | ............ 1944-UEWERELTER-NOUTEM : Liewensmëttele gi bäi de Bauere gestuel. |
| Daaschdeg | 18 | Kraacht am Haartmount Äis a Schnéi, |
| Mëttwoch | 19 | Gët am Summer vill Kar a Kléi. |
| Donneschdeg | 20 | **SEBASTIAN** Sebastian a Fabian fängt d'Saaft ze dreiwen an. |
| Freideg | 21 | Am Januar vill Reen a wéineg Schnéi, |
| Samschdeg | 22 | deet Bierger, Däller e Beem wéi. |
| **Sonndeg** | 23 | ............ 1944-DIDDEBUURG : Theater "De Jhang als Zänndokter" (Vic Neuen) |
| Méindeg | 24 | Felen dem Januar Schnéi a Frascht, |
| Daaschdeg | 25 | Gi Mäerz an Abrëll wéineg Trouscht. |
| Mëttwoch | 26 | Wann op Liichtmesdag den Dachs säi Schiet gesäit, |
| Donneschdeg | 27 | Da krécht hien erëm fir 6 Wochen a seng Hiél. |
| Freideg | 28 | ............ 1944-AREL : Schutzimpfen géint d'Diphtérie an de Schoulen. |
| Samschdeg | 29 | ............ 1944-AREL : Neie Paschtouer op der Knippchen : Nic. Origer vu Fruessem |
| **Sonndeg** | 30 | ............ 1944-TERNECH : Theater "D'Mattant Bärbel" (Hary Bächel) |
| Méindeg | 31 | Sonn am Januar, e schlecht Jor. |




# 1994

Frällen : D'Strooss vun der Kiirch an 1926.

# *Februar - Spiirkel*
## *Kazemount - Schnéimount*

| | | |
|---|---|---|
| Daaschteg | 1 | ............ 1944-ARELERLAND : 30000 F gestuel a falsch Billjéën erauskomm. |
| Mëttwoch | 2 | **LIICHTMESDAG** - Geseent Käerzen - D'Fuesent geet mat Pankech un. |
| Donneschdeg | 3 | **BLASIUS** Den Hals gët geseent. |
| Freideg | 4 | ............ 1944-ARELERLAND : D'Verkleeden an d'Bokegesiichter si streng |
| Samschdeg | 5 | ......................................... verbueden an de Stroossen an um Bal. |
| **Sonndeg** | 6 | ............ 1944-AFFEN : 15 Maskéierter stielen um Bal, ee Mann gët erschoss |
| Méindeg | 7 | ............ 1944-FRÄLLEN : D'Gestapo hält ee Mann vum Bänerter Macki op |
| Daaschteg | 8 | ................................... an een aner Mann den Dag duerno. |
| Mëttwoch | 9 | ............ 1944-WÄLTRICH : Mackisaren a Refractäre gi vun enger Patrull gefaang |
| Donneschdeg | 10 | ............ 1944-MAARTEL : Sonndes Theater : "D'Joffer Marie-Madeleine" |
| Freideg | 11 | .................... BARNECH : Sondes Theater : "Sangspill "Op der Juegt" (Dicks) |
| Samschdeg | 12 | .................... HEESCHTERT : "De Gicht Michel" - "Eng gutt Léier" (Vic Neuen) |
| **Sonndeg** | 13 | **FUESSONNDEG** .... GIISCH : "De Klos geet akafen" - En drolegt Bestiednes" |
| Méindeg | 14 | **FUERMEINDEG** Fettgebäck : Fettmais, Nonnefäscht a Fuesbroden |
| Daaschteg | 15 | **FUESDAASCHDEG** ............... virum Krich : Fuesentgsgecken a Cortege mam Bier |
| Mëttwoch | 16 | **ESCHEMËTTWOCH :** D'Faaschte gin un, d'Esche gin ausgedeelt, D'Fuesent gët als Stréimann verbrannt. ............ 1944-ATTEM : Grousst Feier am Miwwelsbutteck. |
| Donneschdeg | 17 | Wann d'Sonn de schnéi opleckt da kéint en ërem. |
| Freideg | 18 | |
| Samschdeg | 19 | ............ 1944-MIEZEG : D'Maschine vun der Seemille sprangen. |
| **Sonndeg** | 20 | ............ 1944-WOULKER : Theater "De Mononk vun Amerika" |
| Méindeg | 21 | Wann et fir Liichtmesdag stuurmt a schneit as d'Fréijor nët méi wäit |
| Daaschteg | 22 | ............ 1944-AREL : Ee Mann gët vun de Preisen erschoss. |
| Mëttwoch | 23 | Mat speck fängt ee Mais. |
| Donneschdeg | 24 | **MATHAISDAG** De Mathais brécht d'Äis oder e mécht et. ............ 1944-KLENGBETTEN : Munitioune gestuel an duefir 14 Jongen erchoss |
| Freideg | 25 | ............ 1944-STERPENICH : Theater "Doheem nët wuel, néierens wuel" (V. Neuen) |
| Samschdeg | 26 | D'Jonge sammelen fir e Feier um Galgebierg ze maachen |
| **Sonndeg** | 27 | **BOUNESONNDEG - STIERKSONNDEG - BUURGSONNDEG :** Cortege vun de |
| Méindeg | 28 | Kanner. Si gi bäi d'frësch bestuede Koppelen d'Faaschteboune sichen. |




# 1994

Attem : D'Gare (1862) an 1906

# *Mäerz - Lenzmount*

| | | |
|---|---|---|
| Daaschteg | 1 | ............ 1944-ATTEM : Lokomotiv sabotéiert vum "Kapitän William". |
| Mëttwoch | 2 | ............ 1944-PASS : En Amerikanesche Bombardier fällt erof |
| Donneschdeg | 3 | Fir ze laache gët gesot : "Mäerzgeck, |
| Freideg | 4 | streck deng Nues an de Päerdsdreck. |
| Samschdeg | 5 | ............ 1944-SUES : Theater "Den Dawe Papp" - "D'Hondsbaatsch" |
| **Sonndeg** | 6 | **KROUNESONNDEG** : Am Mäerz komme Schaueren |
| Méindeg | 7 | déi Deg laang daueren. |
| Daaschteg | 8 | Schnéi am Mäerz |
| Mëttwoch | 9 | geet dem Bauer un d'Häerz |
| Donneschdeg | 10 | De Mäerz hëlt de Plou um Stierz, |
| Freideg | 11 | den Abrëll hält e sécher erëm stell! |
| Samschdeg | 12 | ............ 1944-ARELERLAND : D'Fëscherei as erlaabt. |
| **Sonndeg** | 13 | **HALLEFFAASCHTE** : Grouss Hiercksiessen oder Bücklingiessen am Gaaschthaus. |
| Méindeg | 14 | ............ 1944-KEINZEG : An der Douane gi 7 Karabine gestuel. |
| Daaschteg | 15 | Sankt Gertraud as déi éischt Summerbraut : |
| Mëttwoch | 16 | se gët de Beien de Flog, de Kéi de Gank, |
| Donneschdeg | 17 | **GERTRAUD** de Päerd de Strank an den Hämmel hëft se d'Krëpp op. |
| Freideg | 18 | ............ 1944-FRÄLLEN : 9 Méint Prisong fir de Paschtouer Stoffel |
| Samschdeg | 19 | **JOUSEFDAG** |
| | | ............ 1944-HÄERZEG : Theater : "De Jong als Chef de gare" |
| **Sonndeg** | 20 | **ELLESONNDEG** |
| | | ............ 1944-BARNECH : Theater : "Engel an Däiwel" |
| Méindeg | 21 | **FREIJOR** Mäerzstëbs as Gold wäert! |
| Daaschteg | 22 | Pelmwoch-Schelmwoch. Kuerwoch-Schuerwoch. |
| Mëttwoch | 23 | ............ 1944-LËTZEBUURG : D'Resistenzveräiner setze sech all zesummen |
| Donneschdeg | 24 | **GABRIEL** Drechene Mäerz, naassen Abrëll. |
| Freideg | 25 | ............ 1944-AFFEN-SUES : D'Klacke gi vun de Preise geholl |
| Samschdeg | 26 | D'Klacke gin op Hamburg gefouert fir geschmolt ze gin |
| **Sonndeg** | 27 | **PIELEMSONNDEG** De geseente Pielem gët an d'Haiser, Stécker an op |
| Méindeg | 28 | d'Griewer gedroen. |
| Daaschteg | 29 | ............ 1944-WELLER-SEILEN : D'Preisen huelen d'Klacken. |
| Mëttwoch | 30 | ............ 1944-TIIRPEN-HONDEL-MIEZEG : D'Klacke gi geholl. |
| Donneschdeg | 31 | ............ 1944-REISEG : En Amerikanesche Fliger fällt erof. |





# 1994

Katterwang : D'Grouss Strooss Arel-Baaschtnech an 1906.

# Abréil - Gecksmount
## Fréiléng

| | | | |
|---|---|---|---|
| Freideg | 1 | **KUERFREIDEG** | D'Bouwe gi klecken fir d'Stonn an de Gottesdengscht |
| Samschdeg | 2 | **KUERSAMMSCHDEG** | ze verkënnegen. Si rafen d'Ouschterräer op. |
| **Sonndeg** | 3 | **OUSCHTERDAG** | Den Ouschterhues as komm. D'Kanner rafen d'Äer op. |
| Méindeg | 4 | **OUSCHTERMEINDEG** | Op Ouschterdag kommen d'Klacken erëm. |
| Daaschdeg | 5 | | Wa Kuerfréideg et reent, dann deet de Räif |
| Mëttwoch | 6 | | eent ganzt Jor näischt. |
| Donneschdeg | 7 | | Een Ä, käänt Ä! Zwee Äer, Spottäer, Dräi Äer, Ouschteräer |
| Freideg | 8 | ............ 1944-METZERT : Theater :"Erkannt" - "E schlechte Verhalt" | |
| Samschdeg | 9 | ............ 1944-HEESCHTERT : Theater :"D'Hondsbaatsch" | |
| **Sonndeg** | 10 | ............ 1944-GIISCH : Theater : "Och eemol Barong " "Gääscht an der Mielkëscht" | |
| Méindeg | 11 | | "Den Tunn als Professer" |
| Daaschdeg | 12 | | Ufanks Abrëll gët am Laachen gesot : "Abrëllsgeck, |
| Mëttwoch | 13 | | streck déng Nues an de Kéidreck". |
| Donneschdeg | 14 | | De 15. Abrëll muss de Guckuck sangen |
| Freideg | 15 | | a wann et och aus engem huele Bam as! |
| Samschdeg | 16 | | Den Appetitt kënnt mam lessen! |
| **Sonndeg** | 17 | ............ 1944-PASS : Theater : "De Mononk aus Amerika" | |
| Méindeg | 18 | ............ 1944-SCHACKELER : De Paschtouer Fr. POIRE gët als Otage geholl. | |
| Daaschdeg | 19 | | Abrëll hallef schënnt nach Kou a Kallef. |
| Mëttwoch | 20 | | D'Fräsche si gefaang gin an de Bir a Weieren. |
| Donneschdeg | 21 | | Sou laang d'Fräsche viru Marksdag jäizen, |
| Freideg | 22 | | sou laang si se duerno stëll. |
| Samschdeg | 23 | | Den Abrëll as e Geck, bal schengt d'Sonn, |
| **Sonndeg** | 24 | | bal gët et dreck. |
| Méindeg | 25 | **MARKUSDAG** | D'Markusprozessiou geet eraus. |
| Daaschdeg | 26 | Wann et op Ouschterdag reent, dann as de Beien hire jéngsten Dag. | |
| Mëttwoch | 27 | ............ 1944-AREL : Neie Gouverneur vun der Provënz : Jakob DEWEZ. | |
| Donneschdeg | 28 | | Den Alter as keng Krankheet un deer ee stierft. |
| Freideg | 29 | | Et as keen Abrëll esou gutt, |
| Samschdeg | 30 | | e schneit dam Schéiffer op den Hutt! |




# 1994

Arel : De Prisong (vun 1870) an 1908.

# Mee - Oktavsmount

| | | |
|---|---|---|
| **Sonndeg** | 1 | Déi kleng Meerdercher gi sangen an oprafe fir d'Muttergottes |
| Méindeg | 2 | Am Mee gouwen d'Meedercher vun de Jonge gehéigt. |
| Daaschdeg | 3 | ............ 1944-NOUTEM : 3 Jongen din bäi der Resistenz den Eed of. |
| Mëttwoch | 4 | Vill Leit, jonk an al, gin an de Bësch |
| Donneschdeg | 5 | d'Meeréisercher plécken. |
| Freideg | 6 | Ee Beieschwarem am Mee as méi wäerd wéi ee Fudder Hee. |
| Samschdeg | 7 | D'Kaart an de Patt maachen der vill aarm. |
| **Sonndeg** | 8 | ............ 1944-AREL : 15 Flënte gin an der Douane (Gare) gestuel. |
| Méindeg | 9 | ............ 1944-LËTZUBUERG : Amerikanesche Bommenagrëff op d'Gare. |
| Daaschdeg | 10 | ............ 1944-ST-LEGER : Ziwill geholl vun de Preisen, Paschtouer a Kaploun och |
| Mëttwoch | 11 | ............ 1944-TREIER, DIDDENUEWEN, BETTEMBUURG ... Bombardéiert |
| Donneschdeg | 12 | **CHRISTI-HIMMELFAART** ... 1944-GRENDEL : Ee Seminariste stierf zu Léiwen am Bombardement |
| Freideg | 13 | ............ 1944-AREL : Uertel vun de Resistente vum Häerzeger Sabotage (29/12/43) |
| Samschdeg | 14 | **BONIFATIUS** : Pankratius, Serviatius, Bonifacius sin Helleger, a streng Hären derbäi. |
| **Sonndeg** | 15 | ............ 1944-PROVENZ LËTZEBUERG : Anglo-Amerikanesche Fligeragrëff |
| Méindeg | 16 | ............ vum 15. bis den 30. Mee mat : |
| Daaschdeg | 17 | ............ Fofzeg Doudeger zu Marloie. |
| Mëttwoch | 18 | Mee kill a naass, fëllt dem Bauer Scheier a Faass. |
| Donneschdeg | 19 | Meeree mécht datt ee gréisser gët. |
| Freideg | 20 | Eent Ä gläicht deem aner. |
| Samschdeg | 21 | Eemol as nit all Dag. |
| **Sonndeg** | 22 | **PAÏSCHDAG-1944-LECK** : Den Här POIRE, mat aner Prisonnéier, kënnt an den |
| Méindeg | 23 | ............ Konzentratiounslager vu Buchenwald un. |
| Daaschdeg | 24 | ............ 1944-LECK : Resistenten (13/5/44) gin erschoss op der Citadelle |
| Mëttwoch | 25 | ............ Et sin : Decker Roger, Decker René, Berg Julien vun Affen, |
| Donneschdeg | 26 | ............ Poncelet vun Häerzeg, André Warling vu Sues. |
| Freideg | 27 | ............ 1944-TONTEL : Iwerfall an der Gemeng, Schreifmachine gi geklaut. |
| Samschdeg | 28 | Owes Da a kill am Mee, bréngt vill Wäin an Hee. |
| **Sonndeg** | 29 | **DRÄIFALTEGKEETSDAG** : Meeda mécht gréng A (Au) |
| Méindeg | 30 | Kille Mee gët vill Kar an Hee. |
| Daaschdeg | 31 | Ee gudde Kommando as d'hallef Aarbecht. |




Uewerelter : D'Ennescht vum Duerf an 1914.

**1994**

# Juni - Broochmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | | Juni naas, vollkommene Lenz, |
| Donneschdeg | 2 | | schlecht Graass, Juni drechen, |
| Freideg | 3 | | gudde Wäin am volle Faass. |
| Samschdeg | 4 | ............ 1944-AREL : | Grousst Feier am areler Bësch; 250 Ha verbrennen. |
| **Sonndeg** | 5 | **ZERLÄICHENDAG** : | Prozessioun-Wann d'Kréschten an de Reie gi gët gutt Wieder |
| Méindeg | 6 | ............ 1944-NORMANDIE. | D'Alliéert Truppen débarquéieren an der Normandie. 't as de längsten Dag ! |
| Daaschdeg | 7 | | Reent et Moudersdag (Medard) een Ableck |
| Mëttwoch | 8 | **MEDARD** | Da reent et sechs Wochen an engem Steck. |
| Donneschdeg | 9 | ............ 1944-Offizielen Uerder fir Sabotagen op der BBC | |
| Freideg | 10 | ............ EUROPA : Code "Salomon a mis ses gros sabots". | |
| Samschdeg | 11 | ............ 1944-LASER : Kanéngercher gi geklaut. | |
| **Sonndeg** | 12 | | E mécht e Gesiicht wéi siwen Deg Reen ! |
| Méindeg | 13 | ............ 1944-LONDON : Déi éischt V1 fléien no England, zemol op London. | |
| Daaschdeg | 14 | | Wann am Juni de Nordwand bléisst, |
| Mëttwoch | 15 | | D'Kar zu Friicht trefflech stéisst. |
| Donneschdeg | 16 | | Am Juni, vill kal Reen |
| Freideg | 17 | | bréngen Wäin a Beie kee Seegen. |
| Samschdeg | 18 | ............ 1944-AREL : Et gët opgeraaft fir d'Bommebeschiédegter vu Marloie. | |
| **Sonndeg** | 19 | ............ 1944-SEILEN : Krichgeriicht : E Mann hat 14 Brout kaaft fir Lëtzebuerger Flüchtlingen. | |
| Méindeg | 20 | ............ 1944-HECKBOUS : Muerd vun engem Mann. | |
| Daaschdeg | 21 | | Juni viicht a waarm mécht de Bauer aarm. |
| Mëttwoch | 22 | ............ 1944-AREL : De Brudder Mariste Colomban, Résistant, muss sech verstoppen. | |
| Donneschdeg | 23 | | Viru Gehaansdag, biet fir Reen, hanneno kënnt en ugeléén. |
| Freideg | 24 | **GEHAANSDAG** | Gehaansdag hält d'Huewer rot |
| Samschdeg | 25 | | op se soll kommen oder nit. |
| **Sonndeg** | 26 | | Den Hunn rifft : "Mir hu vill Fruucht ! |
| Méindeg | 27 | | Den nopesch Hunn äntwert : "Et wäerd nët |
| Daaschdeg | 28 | | laang daueren, et gët Reen ! |
| Mëttwoch | 29 | ............ 1944-AREL, Aarbechtskaarte gin am Aarbechtsamt geklaut | |
| Denneschdeg | 30 | ............ 1944-BARNICH : Flamänner klauen d'Klacke fir d'Preisen. | |





Arel : De Faubourg "Bäim Blauen" virum Krich.

**1994**

# Juli - Heemount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Freideg | 1 | | Wéi d'Muttergottes bäi d'Elisabeth geet, |
| Samschdeg | 2 | **MARIAHEEMSUCHUNG** | esou kënnt si och erëm (15. August) |
| **Sonndeg** | 3 | | mam Prabbeli oder ouni. |
| Méindeg | 4 | ............ 1944-BIEBEN : | De Paschtouer ALTZINGER mat 2 Refractaire |
| Daaschdeg | 5 | .................................. | gi vun der Gestapo geholl. |
| Mëttwoch | 6 | .................................. | De "Reseau Bill" as schwéier geschwächt. |
| Donneschdeg | 7 | | Julideg hell a klor weisen allemol |
| Freideg | 8 | | ee ganzt gutt Jor. |
| Samschdeg | 9 | | Renge Ree mécht am méschte naass ! |
| **Sonndeg** | 10 | | Et as nit all Dag Sonndeg ! |
| Méindeg | 11 | | Et gët gläich Reen, d'Sonn setzt stäipen |
| Daaschdeg | 12 | ............ 1944-AREL : | Ee Mann gët vun der Gestapo erschoss. |
| Mëttwoch | 13 | ............ 1944-PÄREL : | Fligercollisioun : 2 falen erof, 18 Amerikaner doud. |
| Donneschdeg | 14 | | Wann et op Margréitendag reent |
| Freideg | 15 | | Da gin d'Nëss falsch. (20. juli) |
| Samschdeg | 16 | ............ 1944-HUELDANG : | Fligeragrëff vun den Amerikaner : 1 Doudegen. |
| **Sonndeg** | 17 | ............ 1944-AREL : | Sabotage am Juli vun den Telefonslinen |
| Méindeg | 18 | .............................. | dräi Geisel gi geholl. |
| Daaschdeg | 19 | ............ 1944-ALHABICH : | Sabotage vun der Eisebunn : een Heizer stierft. |
| Mëttwoch | 20 | **MARGREIT** | Owes rout, muerges gout (gutt). |
| Donneschdeg | 21 | ............1944-BERLIN - | Attentat gëint den Hitler. De Stauffenberg |
| Freideg | 22 | .................................. | geheit dem Hitler eng Bomm, e kënnt dervun. |
| Samschdeg | 23 | | D'Sonn dréckt ee Wieder eraus ! |
| **Sonndeg** | 24 | | Sonn, komm eriwer; Schiet bleif doiwer ! |
| Méindeg | 25 | **JAKOBSDAG** | Jakobsdag zeidegt d'Fruucht Nuecht an Dag. |
| Daaschdeg | 26 | | Sankt Jakob brengt Brout |
| Mëttwoch | 27 | | oder Hongersnout ! |
| Donneschdeg | 28 | | Am Juli muss broden |
| Freideg | 29 | | Wat am Hierscht soll geroden. |
| Samschdeg | 30 | | Wat Juli an August nit kachen, |
| **Sonndeg** | 31 | | kann den September nit broden. |




Affen : D'Gare an den Dépôt.

**1994**

# August - Huerwermount

| | | |
|---|---|---|
| Méindeg | 1 | Wa vill Donnerwiedere kommen am August, |
| Daaschdeg | 2 | Du ee naasse Wanter erwaarde muss. |
| Mëttwoch | 3 | Besser schlecht Wieder wéi keen. |
| Donneschdeg | 4 | D'Wieder erkennt ee um Wand, |
| Freideg | 5 | den Här um Kniecht, de Papp um Kand. |
| Samschdeg | 6 | ............ 1944-LËTZBUERG : D'Nazie paradéiere fir d'lescht an de Stroossen. |
| **Sonndeg** | 7 | Wann 't am August staarken Da gët |
| Méindeg | 8 | bleift och gewéinlech d'Wieder gutt. |
| Daaschdeg | 9 | Wie séint, dee méint ! |
| Mëttwoch | 10 | Owes bleech, muerges Seech. |
| Donneschdeg | 11 | **LORENZ** De Lorenz mécht e Lidd oder eng Strenz ! |
| Freideg | 12 | Op Léiffrakrautdag gët ee Krautwësch |
| Samschdeg | 13 | mat Gekraiders vu Gaart, Feld a Bësch gemeet. |
| **Sonndeg** | 14 | Dee Gebrauch besteet zënter 1000 Jor ! |
| Méindeg | 15 | **MARIA-HIMMELFAART-LEIFFRAKRAUTDAG** : De Krautwësch gët geseent |
| Daaschdeg | 16 | De Wësch gêt an de Stall gehaang. |
| Mëttwoch | 17 | ............ 1944-ELCHERT : E Verstoppten Nei-Belgier dirigéiert de Macki/Vlessart |
| Donneschdeg | 18 | Wéi de Bartholoméisdag sech verhält |
| Freideg | 19 | esou as de ganze Summer bestellt (24 August) |
| Samschdeg | 20 | ............ 1944-AFFEN Nom 18. gouf een Zuch an der Gare mitrailléiert |
| **Sonndeg** | 21 | ............................ vun Amerikanesch Fliger : Keen Doudegen |
| Méindeg | 22 | ............................ D'Lokomotiv a Wagonen zerstéiert. |
| Daaschdeg | 23 | ............................ Zu Arel sprangen 2 Bomme vrun der Dir vun |
| Mëttwoch | 24 | **BARTHOLOMEUS**. 1944-AREL - 2 Heepster vum Sprachveräin |
| Donneschdeg | 25 | ............ 1944-AREL : D'Gestapo hëlt 43 Geiselen, erschéisst den Dokter Hollenfelz |
| Freideg | 26 | ............................ an de Procureur Lucion. |
| Samschdeg | 27 | ............ 1944-AREL : Amerikanesch Fliger mitrailléieren d'Gare an d'Gazfabrik. |
| **Sonndeg** | 28 | ............ 1944-BARNECH : Wéinst de ville Fliger gin d'Griewer nit geseent. |
| | | Am Beierchen gët ee Schoulmeeschter ermuert. |
| Méindeg | 29 | ............ 1944-AREL : De Krigsschaffrot kéint fir d'lescht zesummen. |
| Daaschdeg | 30 | ............ 1944-AREL : 29 Geisele vum 25. Aug. gi mat aner Leit |
| Mëttwoch | 31 | ............................ an Däitschland geschleeft : 24 kommen nit erëm. |




# 1994

Eibeng : De Clémarais an 1916, genannt "Château d'If" am Krich 40-45.


# September - Hierschtmount

Donneschdeg 1 ............ 1944-ATTERTER DALL : 13 Resistenten ermuert ouni Geriicht :
............................... Katterwang : 3 - Beierchen : 8 - Därebësch : 2.
Freideg 2 ............ 1944-ATTEM : Den 3. Escarmouche bäi der Gare :
De Van Brabant gët erschoss, Haiser gi verbrannt.
Samschdeg 3 ............ 1944-STACKEM : Bäi der Laangkeck gi 5 Mann erschoss. Ee kënnt dervun
**Sonndeg** 4 ............ 1944-AREL : Bäi der Gäichel gët de Geschäftsmann N. Servais erschoss.
Méindeg 5 ............ 1944-MEUSE. De 5. Corps d'Armée vun Gén. Gerow geet iwert d'Meuse
op d'Ardenne zou.
............ 1944-GRENDEL : D'Bréck op der Attert spréngt
............ 1944-ZIELJHI : D'Duerf gët vun de Preise verbrannt.
Daaschdeg 6 ............ 1944-ARELERLAND : Baueren a Kniecht gezwong mat de Päerd d'Preisen
an Däitschland ze féieren.
............................... AFFEN a STACKEM gi mitrailléiert.
Mëttwoch 7 ............ 1944-AFFEN-SUES : D'Brécken op der Setzbaach sprangen.
............ EIBENG : D'Armée Secrète des Ardennes erwaart Uerder am Clémarais.
Donneschdeg 8 ............ 1944-LONDON : Déi éischt V2 falen.
............................... SUES : Däitsche militär Convoi mitrailléiert op der grousser Strooss.
............................... AREL : De Faubourg bombardéiert : 4 Ziwill doud.
............................... Déi 48 lescht Gefaangener gi lafe geloos.
Freideg 9 ............ 1944-AREL AN EMGEIGEND : LIBERATIOUNSDAG
............................... SAMESCHDEG, den 9. September 1944.
............ 1944-HÄERZEG : 7 Däitsch Zaldoten falen a Kaschbur : Fligerugréff
.................... AREL : D'Preisen din d'Bréck vun Schappeg an déi vun der
............................... Lonkecherstrooss sprangen.
.................... D'Amerikaner kommen erbäi vun Etalle a Neufchâteau ëm déi 11 Auer
.................... EIBENG : Amerikanesch Fliger mitrailléieren d'Areler Strooss.
.................... HUELDANG : D' GIs fueren no Attem lass.
.................... ATTEM : D'Armée Secrète des Ardennes (ASA)(Clémarais) mécht 60
............................... Prisonnéier a di se an d'Schoul rue du Centre.
.................... EIBENG : ASA fänkt 2 Preisesch Autoën, d'Preise kommen erëm zreck
............................... a verbrennen4 Haiser. Duerno kënnt den éischten US Tank .
............................... De Joseph Mathen, vum E.M. Clémarais erkennt de Prënz
............................... Jean vu Lëtzebuerg op engem Tank deen no Péiteng fiert.

# 1994

# September - Hierschtmount

| | | |
|---|---|---|
| Samschdeg | 10 | ............ 1944-AREL an EMGEIGEND : Den 10. Sept 44, sonndes, kommen |
| | | ..................... d'Amerikanesch Truppen um 10 Auer op Arel un, an de Faubourg. |
| | | ............ 1944-BARNECH : 3 Preise gin an enger Escarmouche gefaang. |
| | | ..................... HONDEL : D'ASA kritt mat en 20 Däitsch Zaldoten déi zréck gin ze din. |
| | | ..................... TIIRPEN : Ugrëff tëschen ASA a Preisen : 3 Autoë gi geholl. |
| | | ..................... UEWERELTER : D'ASA réckt géint 400 Preisen am Bësch verstoppt; si di se fortlafe mat der Hëllef vun Amerikaner. D'Gare gët zerschoss. |
| **Sonndeg** | 11 | ............ 1944-BARDEBUURG. Schéisserei op d'Amerikaner. D'Limonadefabrik as a brannt. |
| | | ..................... VIANDEN : Déi éischt Amerikaner stoussen op Däitschland eran. |
| Méindeg | 12 | ............ 1944-AREL : 't gët Geld gesammelt fir e Monument fir déi déi am Krich ermuert si gin. |
| Daaschdeg | 13 | ............ 1944-AREL : D'Zaldote vu 40 gin erëm agezunn. |
| | | ..................... BARNECH : Den Här Letté geet séng Klacken erëm op Arel sichen |
| Mëttwoch | 14 | ............ 1944-BEIBREG : D'Linn Siegfried as duurchgebrach. D'Amerikaner sin op 8 Km awer se gin erëm zréck. |
| | | ..................... ARELERLAND : ASA patrouilléiert an der Géigend a fannen elo keen däitschen Zaldot méi. |
| | | ..................... AREL : De Prënz Felix (2e DB Leclerc) an de Prënz Jean (Irish Guards) vu Lëtzebuerg passéiere mat den Alliéierten zu Arel. |
| Donneschdeg | 15 | ............ 1944-AREL : D'Zich fueren erëm vun Arel op Marbehan. |
| Freideg | 16 | ............ 1944-AREL : De Gemengrot stëmmt 100000 F fir d'Bombardéierten. |
| | | .............................. Den fréiere Gouverneur kënnt erëm. |
| Samschdeg | 17 | Septemberreen as dem Bauer geleen. |
| **Sonndeg** | 18 | No engem waarmen September |
| Méindeg | 19 | Kënnt dachs ee kalen Oktober. |
| Daaschdeg | 20 | Op Maria Gebuurtsdag (8. Sep.) |
| Mëttwoch | 21 | **HIERSCHT** Zéien d'Schmuelvulle fort. |
| Donneschdeg | 22 | Vill Niwwel am Hierscht, vill Schnéi am Wanter. |
| Freideg | 23 | ............ 1944-TONTEL : 7 Jongen déi do erschoss goufen, gi feierlech begruewen |
| Samschdeg | 24 | ............ 1944-ARELERLAND : Verbueden an de Stroossen, ouni Erlabniss, mat Gewierer ze paradéieren. |
| **Sonndeg** | 25 | Wann d'Loft sech leet gët et Reen. |
| Méindeg | 26 | Dee Méchelsdag séint, eng räich Ernte kéint. |
| Daaschdeg | 27 | De Méchelssummer kann dräi Wochen daueren |
| Mëttwoch | 28 | ............ 1944-AREL : Kollekt fir d'aarm Leit vun St-Leger. |
| Donneschdeg | 29 | **MECHEL** 1944-AREL : Grousst Foussballfest (J.A.-St-Georges-Char Noir) fir d'Leit vun St-Leger. |
| Freideg | 30 | Et si vill Nëss, de Wanter gët haart. |




Barnech : D'Kiirch.

**1994**

# Oktober - Wäimount

| | | |
|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | ............ 1944-AREL : Offiziele Kontroll vun den Aktivitéite vun de Mackisleit. |
| **Sonndeg** | 2 | ............ 1944-EIBENG : ASA mécht säi Rapport. Si haten als Uerder kritt nit |
| Méindeg | 3 | .............................. unzegräifen éier d'Allierten do wiren, dann d'Strooss Virton-Attem |
| Daaschdeg | 4 | .............................. fräi ze maachen. Si hun och mussen : den Uerder halen-d'Verréider |
| Mëttwoch | 5 | .............................. ophalen-d'Stielen ofhalen. |
| Donneschdeg | 6 | ............ 1944-AREL : "Les Nouvelles" brengt eng Lëscht vu Sprachvereiner. |
| Freideg | 7 | ............ 1944-DÄITSCHLAND : Den Degrelle trommt jonk Wallouner zesummen. |
| Samschdeg | 8 | **LUKAS** De Lukssummer kann eng Woch oder een Dag dauren. |
| **Sonndeg** | 9 | Zerguttst geplout, zerguttst geséint, |
| Méindeg | 10 | a vëlleg Dong, dat as de Fong. |
| Daaschdeg | 11 | ............ 1944-ATTEM : Ee Pollakdäitscher kënnt zréck fir ze spionnéieren. |
| Mëttwoch | 12 | Wéi de Bam esou den Apel ! |
| Donneschdeg | 13 | Esou leeft den Hues de Bierg op (erof) |
| Freideg | 14 | an d'fiert een dem Kand iwert d'Gesiicht op an of. |
| Samschdeg | 15 | ............ 1944-LËTZEBUERG : Amerikanesch Feierlechkeete mat Cortège a Bal. |
| **Sonndeg** | 16 | 't léisst kee Wieder deem aner vill no. |
| Méindeg | 17 | ............ 1944-PÄREL : Feierlechen Läichendéngscht fir déi 18 gefallen GIs. |
| Daaschdeg | 18 | Wat vum Himmel fält, |
| Mëttwoch | 19 | duefir kann ech nit ! |
| Donneschdeg | 20 | De Frascht sëtzt mer an de Glidder (Rheuma) |
| Freideg | 21 | Bréngt den Oktober vill Frascht a Wand, |
| Samschdeg | 22 | Sou si Januar a Spiirkel gelënd. |
| **Sonndeg** | 23 | ............ 1944-ATTERT : E Prisonnéier vun der Gestapo évadéiert sech zu Essen |
| | | .............................. awer bleift am Bombardement leien. |
| Méindeg | 24 | ............ 1944-DÄITSCHLAND : Den Hitler gët dem Von Rundsted säi Plang fir |
| | | .............................. an den Ardennen erëm unzegräiffen. |
| Daaschdeg | 25 | ............ 1944-BARNECH : Feierlechen Gottesdéngscht fir de Pilot G. Medinger. |
| Mëttwoch | 26 | Wann den Eechebam séng Blieder behält, |
| Donneschdeg | 27 | da follegt am Wanter eng streng Kält. |
| Freideg | 28 | Falen déi Blieder bäi Zäit |
| Samschdeg | 29 | Sou follegt, op d'Jor, vill Uebst a Friichten |
| **Sonndeg** | 30 | Op Méchelsdag gouf de Bann fräi. |
| Méindeg | 31 | ............ 1944-BARNECH : Déi zwou Klacken gin erëm opgehaang. |





Tënnen : D'Kiirch an 1905.

**1994**

# November - Wantermount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Daaschdeg | 1 | **ALLERHELLEGEN** | Den Allerhellegesummer kan dräi Deg daueren. |
| Mëttwoch | 2 | **ALLERSEILEN** | D'Griewer gi geréscht a geseent. |
| Donneschdeg | 3 | **HUBERTUS** | Wat den Dag méi helleger as., |
| Freideg | 4 | | wat der Däiwel méi uerg as. |
| Samschdeg | 5 | | Wann de Niwwel opgeet, da gët et Reen. |
| **Sonndeg** | 6 | ............ 1944-EISLECK : Preisen din een Zuch sprangen zu Elwen; 4 SS gi gefaang | |
| Méindeg | 7 | | Et as näischt méi an den Deg......... |
| Daaschdeg | 8 | | wéi déi laang Nuechten. |
| Mëttwoch | 9 | ............ 1944-WOLZ : Den Eisenhower inspektéiert d'Zaldote vun der 8[er] Div. | |
| Donneschdeg | 10 | ............ 1944-AFFEN : En US Bombardier lëisst 5 Bomme fale a stierzt erof. | |
| Freideg | 11 | **MARTIN**.................. | Eng Fra doud an hirem Gaart, eng Bomm fällt vrun d'Schoul. |
| Samschdeg | 12 | | Wann et viru Märtesdag fréiert |
| **Sonndeg** | 13 | | dat et eng Gäns dréit, |
| Méindeg | 14 | | da gët et keen haarde Wanter ! |
| Daaschdeg | 15 | | D'Loft as ze héich fir Reen, 't gët schéint Wieder. |
| Mëttwoch | 16 | | Besser dat Wieder wéi guer keent ! |
| Donneschdeg | 17 | | Soulaang jonkt Liicht as |
| Freideg | 18 | | behale mer dat selwecht Wieder. |
| Samschdeg | 19 | | D'Liicht steet am Waasser, an dräi Deg reent et. |
| **Sonndeg** | 20 | ............ 1944-LECK-ANTWERPEN : V1 a V2 falen erof a maache vill Schued. | |
| Méindeg | 21 | | Fält den éischte Schnéi an den Dreck; |
| Daaschdeg | 22 | | Dann as de Wanter e Geck. |
| Mëttwoch | 23 | | Wann de Schnéi mat der Sonn ofgeet |
| Donneschdeg | 24 | | da kënnt e gär erëm. |
| Freideg | 25 | | D'Loft dréchent méi wéi d'Sonn. |
| Samschdeg | 26 | ............ 1944-ANTWERPEN : Den Hafen, verschount, as erëm a Betrib. | |
| **Sonndeg** | 27 | | Hënt fréiert et tësche Mann a Fra. |
| Méindeg | 28 | | Wéi geet déi Zäit erëm ... |
| Daaschdeg | 29 | | a mer komme er nit erno. |
| Mëttwoch | 30 | ............ 1944-VIANDEN : 14 Leit gin an Däitschland verschleeft awer 4 lafe fort a | soen den Amerikaner dass d'Preisen prett si fir erëm unzegräffen. |




Maartel : D'Bréck op der Sauer (vun 1925)

**1994**

# Dezember - Krëschtmount

| | | |
|---|---|---|
| Donneschdeg | 1 | ............ 1944-AREL : Am Dezember gêt d'Ecole Normale, Siesslecherstrooss, |
| Freideg | 2 | .............................. de Quartier Général vum PATTON deen do mat de Généreel |
| Samschdeg | 3 | .............................. Bradley, Millikin, Middleton a Gaffrey |
| **Sonndeg** | 4 | ..............................d'Contre-Offensiv vu Baschtnech bereet huet. |
| Méindeg | 5 | **NEKLOOSOWEND** D'Kanner setzen den Teller |
| Daaschdeg | 6 | **NEKLOOSDAG** De Klessi as komm ! Nei Moulen, Hackernëss, Äppel |
| Mëttwoch | 7 | nei Lee a Bicher maachen Freed. |
| Donneschdeg | 8 | ............ 1944-CINEY : Däitsch Fliger zéien d'Gare of an, méi wäit och d'Meuse. |
| Freideg | 9 | D'Wieder ännert sech, ech spiren et un de Kréienaen ! |
| Samschdeg | 10 | ............ 1944 Bericht vum Colonel Dickson : D'Offensiv as sécher ! |
| **Sonndeg** | 11 | ............ 1944-AREL : Dem Patton séng Offezéier beroden iwert d'Offensiv : |
| Méindeg | 12 | ............ 1944-AREL : Wann d'Stad bedrot gët dann : "Code NICK" |
| Daaschdeg | 13 | ............ 1944-ROCHERATH : D'Amerikaner gräifen Monschau un. |
| Mëttwoch | 14 | ............ 1944-LËTZEBUERG : D'Däitschmarke gin ofgeschaaft : 5 DM-1 FLUX-1 FB |
| | | ............ 1944-BEIBREG : Däitsch Truppe sammele sech mat Feldbrécken an déck |
| | | .............................. Artillerie - D'Amerikaner wëssen et ! |
| Donneschdeg | 15 | Dezember kal mat Schnéi bréngt Kar op d'Héi ! |
| Freideg | 16 | ............ 1944-EISLECK : Um halver sechs : De Manteuffel zitt mat den däitschen |
| | | Truppen iwert d'Our an d'Sauer. |
| | | Den Alliéerte Front as duurgebracht. |
| Samschdeg | 17 | ............ 1944-MALMEDY : 67 GIs Prisonnéier gi vun den SS ermuerdert. |
| **Sonndeg** | 18 | ............ 1944-BAASCHTNECH : De Mac Auliffe rennt an engem Dag vu Reims |
| | | no Osten op Baaschtnech. |
| Méindeg | 19 | ............ 1944-St-VITH : 2 Amerikanesch Regimenter gi geholl (10000 M) |
| | | ............ 1944-DIEKIRCH : 2 Lëtzebuerger fänken 19 Preisesch Zaldoten. |
| Daaschdeg | 20 | ............ 1944-MAARTEL : D'Amerikaner din d'Bréck op der Sauer sprangen. |
| | | ............ 1944-WARECH : D'Preise kommen erëm. |
| | | ............ 1944-EISLECK : D'Englänner kommen den Amerikaner hëllefen. |
| Mëttwoch | 21 | ............ 1944-AREL : De Patton regruppéiert d'Truppe vun Arel op Miersch. |
| | | ............ 1944-REIDEN : 5 Amerikaner gi vun den Däitschen erschoss. |




Arel : D'"Ecole Normale" (vun 1928) an 1944.

1994

# Dezember - Krëschtmount

Donneschdeg 22 ............ 1944-AREL : D'Preise sin op 15 Km am Préizerdall
............ 1944-NOUTEM : Noutemer Leit an Areler lafe fort.
............ 1944-MAARTEL : Däitsch Zaldote bauen d'Bréck erëm op.
De Patton geet virun op Rammerech, Mäerzeg, Maartel.

Freideg 23 ............ 1944-HEESCHERT : D'Amerikanesch Tanken, déi do halen, fuere fort no Norden zum Front.
Holz a Pärel gin erëm vun den Amerikaner besat

Samschdeg 24 ............1944-WARECH : D'Amerikanesch Tanken gräifen un a befräien d'Duerf.
............ 1944-FINDEL : De Bradley fënnt säi Fliger nët ! En as zu Etain !

**Sonndeg 25** **KRËSCHTDAG** D'Kréppche gët opgeriicht.
............ 1944-ARELERLAND : D'Leit sin erschreckt a wachen ... Si héieren d'Kanounen vun der Baaschtnecher Schluecht ...
............ 1944-TËNNEN : D'Duerf gët vun den Däitsche geholl dann attakéiert vun den alliéerte Bombardierën.
............ 1944-MAARTEL : De Patton feiert Krëschtdag mat den Zaldote vun der 4er Division Blindée.

Méindeg 26 ............ 1944-AREL : Dem Patton séng Tanke fueren Nuecht an Dag duurch d'Stad.

Daaschdeg 27 ............ 1944-WOLZ : De Brandenberger zitt säi Quartier Général vun do zréck.

Mëttwoch 28 ............ 1944-AREL : An deen Deg goufen d'Ecole Normale an den Institut Ste-Marie a Krichspidol verwandelt.

Donneschdeg 29 ............ 1944-HÄERZEG : De Pensionnat gët och als Spidol gebraucht fir d'Amerikanesch Zaldoten.

Freideg 30 ............ 1944-AFFEN : D'Gare as Militär Depot an d'Camionë lueden Liewensmëttele fir op Baaschtnech ze féieren.

Samschdeg 31 ............ 1944-AREL : D'Gare gët vun de Preise bombardéiert
............ 1944-STERPENICH : En amerikaneschen Thunderbolt fält erof
............ 1944-LËTZEBUERG : V3 falen op d'Stad.
Den Zweete Weltkrich geet nach virun.




# IN MEMORIAM - Kalenner 1994

Fofzeg Joer sin erlaanscht an den zweete Weltkrich schengt wäit hannerun äis se laien awer d'Jor 1944, grad wéi d'Jor 1940, gët ni vun den Awunner vum Arelerland vergiess! Vill kënnen erzielen wéi onroueg a geféierleg et deemools war. Dat alles as ganz déif an hirem Häerz ageschriwwen.

An dësem Kalenner fannt Dir éischtens eng Kollektiou Wiederregelen a Gebräicher déi deemools d'Liewe beaflosst hun. Zweetens as drënnert gemëscht, mam Datum vun 1944, eng Rei Titele vun Théaterstécker déi d'deeglecht Liéwe méi séiss gemeet hun an zemol eng Auswiel vun Actiounen déi d'Geschicht am laf vum Jor 44 gezeechent hun (a se sin nach laang nit all derbäi).

D'Deg vum Januar a Februar 1944 korrespondéiere mat deen vun 1994 awer dat Jor war ee Schalljor an den 29. Febuar 44 war en Daaschteg. Den 1. Mäerz 44 war e Mëttwoch an esou lääft den Ennerscheed mat 1994 virun.

E puer vun dee historische Geschichte gin an der Zäitschrëft "Arelerland a Sprooch' vum Jor 94 méi am Détail bruecht. (Abonnement : 300 F d'Jor)

Mer wëllen äis och häerzlech bedanke bäi de Leit all déi matgehollef hun fir dëse Kalenner opzebauen. Aner Erënnerongen vun 1940 a 1945 kënnt Dir eraschécke fir nach aner Texter ze verfäerdegen. Ee schéinen Dank och an déi Leit déi et méiglech maachen d'Kalenneren ze verkafen an domat vill Freed a Gespréich an d'Haiser vum Arelerland ze bréngen.

S. CLESSE